PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , , den 04/03/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Interieur weiderzeleeden.

Nom Artikel 25 vum Gemengegesetz dierfen d'Gemengeconseillere schréftlech Froen un de Schäfferot an de Buergermeeschter stellen. D'Gesetz gesäit een Delai vun engem Mount vir, bis eng Äntwert muss virleien. All aner Aspekter betreffend de Froe ginn an engem interne Gemengereglement gereegelt.
Verschidde Gemenge publizéieren d'Froen an d'Äntwerten integral an transparent op hirer Website, anerer publizéieren se am Gemengebuet an aner Gemenge publizéieren se guer net - wat net wierklech dem Transparenz-Gedanken entsprécht, mee mat deem aktuellen Gesetzestext awer vollkomme legal ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Ass d'Inneministesch generell der Meenung, dass d'Froen nom Artikel 25 prinzipiell op alle Kanäl vun der Gemeng missten veröffentlecht ginn oder fënnt si den aktuelle Dispositif esou, wéi en aktuell ass, transparent an equilibréiert?

2. Ass d'Inneministesch och der Meenung, dass an enger digitaler Welt vum 21ten Joerhonnert d'Froen an d'Äntwerte vun de politeschen Interaktiounen an der Gemeng integral missten op der Website vun der Gemeng veröffentlecht ginn?

3. Wäert d'Inneministesch fir méi Transparenz an dësem Beräich ze suergen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député